N°973
Entrée le 05.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.07.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juli 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Déi lescht Jore goufen Honnerten nei Agente bei der Police rekrutéiert. Mat dëser néideger a wichteger Erhéijung vum Personalschlëssel stellt sech allerdéngs och d'Fro no den néidege Kompetenzen, och ob d'Rekrutten alleguer déi néideg Sproochekenntnisser matbréngen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi een Niveau am Lëtzebuergesche gëtt am Moment fir déi eenzel Karriäre bei der Police verlaangt?
2) Op wéi eng Manéier ginn dës Sproochekenntnisser gepréift?
3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Lëtzebuergeschexamen an de Joren 2013 – 2023 an deenen eenzele Karriäre bei der Police ofgehale goufen a wéi vill Leit dëse gepackt, respektiv net gepackt hunn?
4) Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Konsequenzen et huet, falls e potentielle Rekrutt déi néideg Lëtzebuergeschkenntnisser net erfëllt? Gëtt hien direkt ofgewisen oder kann hien dës nohuelen? Kann den Här Minister am zweete Fall déi genee Delaien a Modalitéite preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°973
Entrée le 01.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°973 vum 5. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet „Compétences linguistiques requises dans le cadre du recrutement de la Police grand-ducale"**

Är Fro bezitt sech op d'mannst indirekt op dee rezente Video, an deem Polizisten sech iwwer engem anere Polizist seng Ausdrocksweis op Lëtzebuergesch lëschteg maachen. D'Policedirektioun huet jo och direkt reagéiert a kloer gemaach, datt d'Verhale vun de Beamte par rapport zu hirem Aarbechtskolleeg inakzeptabel ass. Dofir ginn ech dovun aus, datt Dir mat Ärer Fro dësem Sujet keng populistesch Konnotatioun wëllt ginn.

Ech wëll virop bemierken, datt eng vun de Konditiounen, fir Polizist ze ginn, ass, datt de Kandidat déi lëtzebuergesch Nationalitéit huet. Ee Kandidat mat duebeler Nationalitéit, deen net Lëtzebuergesch als Mammesprooch huet, gëtt op seng technesch Kompetenzen evaluéiert a muss och weisen, datt en déi dräi administrativ Sprooche kann.

**Fro 1: Wéi een Niveau am Lëtzebuergesche gëtt am Moment fir déi eenzel Karriäre bei der Police verlaangt?**

D'groussherzoglecht Reglement vum 29. Juli 2020 iwwert de Rekrutement vun de Poliziste gesäit kee spezifeschen Niveau am Lëtzebuergesche fir déi eenzel Karriäre vir. Et gëllen déi nämmlecht Reegele wéi beim ëffentlechen Déngscht am Allgemengen, sou wéi se am Artikel 3 vum groussherzogleche Reglement vum 12. Mee 2010 „ *fixant les modalités du contrôle de la connaissance des trois langues administratives pour le recrutement des fonctionnaires et employés des administrations de l'Etat et des établissements publics"* festgeluecht sinn.

**Fro 2: Op wéi eng Manéier ginn dës Sproochekenntnisser gepréift?**

No der Épreuve d'aptitude générale, déi vun der Fonction publique organiséiert gëtt an zu där och d'Épreuves préliminaires an de Sprooche gehéieren, mussen d'Kandidaten sech enger Épreuve spéciale bei der Police stellen.

Dës Épreuve spéciale, déi gereegelt ass duerch dat uewe genannt groussherzoglecht Reglement vum 29. Juli 2020 iwwert de Rekrutement, beinhalt fir d'Polizisten aus de Groupes de traitement A1, B1 an C1 ënner anerem en Entretien op Lëtzebuergesch, an deem et awer méi generell drëm geet, ze kucken, ob de Kandidat den Ufuerderunge vum Policeberuff entsprécht.

Am Traitementsgrupp C2 ginn am Kader vum Examen-concours fir d'Admission au stage d'Kenntnisser vun der lëtzebuergescher Sprooch unhand vun engem mëndlechen Test gepréift.

**Fro 3: Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Lëtzebuergeschexamen an de Joren 2013 – 2023 an deenen eenzele Karriäre bei der Police ofgehale goufen a wéi vill Leit dëse gepackt respektiv net gepackt hunn?**

Vu datt d'lëtzebuergesch Sprooch just een Aspekt ass, deen am Entretien evaluéiert gëtt, ass et net méiglech, esou separat Statistiken ze presentéieren.

**Fro 4: Kann den Här Minister matdeelen, wéi eng Konsequenzen et huet, falls e potentielle Rekrutt déi néideg Lëtzebuergeschkenntnisser net erfëllt? Gëtt hien direkt ofgewisen oder kann hien dës nohuelen? Kann den Här Minister am zweete Fall déi genee Delaien a Modalitéite preziséieren?**

Falls e potentielle Kandidat net déi néideg Lëtzebuergeschkenntnisser huet, gëtt dësen net fir de Stage zougelooss. De Kandidat huet d'Méiglechkeet, sech nees fir déi nächst Rekrutementssessioun unzemellen.

Lëtzebuerg, den 1. August 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN